

Rapport Klimateam an Umweltkommissioun – 21.03.2022

Présent: Thomas Rünneburger, Frank Schmit, Julian Heinze (NGPM), Jos Schoellen, Jean-Marie Beneké, Jean Nies, Roby Alfter, Nadine Alfter, Metty Steinmetz, Sam Serres

Absent: Dan Schaaf, Luc Etringer, Paul Hendel, Fabrice Ramillon, Christopher Witry, Jean-Jacques Conrardy, Fabio Cumetti, Tom Leonardy

Klimapakt 2.0

Den Thomas huet eis Zuelen duergeluecht wat den Audit ubelaangt. Nom aalen Katalog wäremir als Gemeng bei 68%.

Mam neie Katalog kommen och nei Moossnahmen, an do leie mir virum Audit bei 59,9%.

Den Audit fënnt den den 31.03.2022.

Wat nach interessant kéint ginn fir nach méi Punkten ze kréien, wär den Tool "EcoSpeedRegion". Dësen gëtt benotzt fir d'CO₂-Bilanz vun der Gemeng ze errechnen an ze optiméieren. Allerdéngs misst een sech do méi genee an intensiv domadder ausernee setzen är dat eng Méiglechkeet wär.

Eng aner Measure ass nach d'Zesummenaarbecht mat der Schoul. Den Thomas kéint sech virstellen fir do eventuell eng Kéier an eng Versammlung vun der Schoulskommissioun dobäi ze sinn fir do d'Méiglechkeeten zu enger Collaboratioun am Sënn vum Klimapakt ze présentéieren.

E weidert, nach net gepréiften, Tool ass den *KlimaPaktCheck* vum *Klima-Bündnis*. Dësen soll kënnen genotzt ginn fir Gemengenevents.

Stänn an Präsentatiounen an der Scheier:

Wat nach muss gemaach ginn:

1. Tudor Musée → Virtrag tëscht 13:30 – 14:30 Auer
2. Service Forestier → Ufro fir e Virtrag ass gemaach
3. Rent-A-Bike (mat 15 Veloën) → Ufro fir e Virtrag AN 20 Veloën ze bestellen (Jonas)
4. Garage Kruft → Nofroen ob si mat 2 Autoen kënnen kommen an ob d'Leit een Auto kéinte probéieren (Jonas)
5. MyEnergy → Ufro fir e Virtrag (Jos)
6. Energiepark Mëllerdall → Si maachen e Stand
7. Klimapakt → Thomas mam/oder Julian (den Virtrag wéinst der Froëronn zum Schluss)
8. Naturpakt → Virtrag OK
9. SOLUXTEC – PV-Produzent → De Roby freet do no

10. Kommunal Produzenten

- a. René Krippes (prinzipiell OK)
- b. Hierber Brennerei (OK)
- c. Ramborn (do soll sech nach ee mellen)
- d. Tudorsgeeschter ("probéieren dobäi ze sinn", wat och ëmmer dat heescht)
- e. Haff Wewer (OK)

Tour mat den E-Bikes

D'Emweltkommissioun décidéiert iwwert een Tour, wou d'Leit, ongeféier, eng hallef Stonn ënnerwee sinn. Dest fir e Roulement ze garantéieren.

2 Varianten um M6 kéinten interessant sinn. Ech kucken fir mam Jos déi 2 Tier opzesetzen an den 12. Abrëll ze weisen. Da kënne mir dat jo dann décidéieren. Et muss awer nach geklärt ginn, wat fir eng Veloën et wäerte sinn. Net datt mir en Tour am Bësch mam Course-Velo musse fueren. 😊

De Jonas géif sech dann uschlëssend ëm d'Beschëlderung këmmern

Ganz wichteg: Mir mussen onbedéngt op geféierleche Plazen Schëlder opstellen.

SOLER

De Jonas huet e puer Punkten gereegelt.

Den Dag wäert vun 10 - 16 Auer daueren. Dat géif dann och mat der Aweiung an der Porte-Ouverte vun der SOLER iwwereneestëmmen.

D'Navette géif dann och déi Zäit fueren. D'SOLER huet sech bereet erklärt fir déi Käschten ze iwwerhuelen.

Fir eis lo net nach zousätzlech Aarbecht ze maachen, wäert de Jonas der SOLER virschloen fir de Catering bei der Wandmillen selwer ze organiséieren. Iessen a Gedrénks, souwéi och Personal fir dat ze réaliséieren.

Doduerch kann d'Amicale vun de Pompjeeën sech reng op d'Scheier konzentréieren (Comptoir an Grill)

De Flyer maache mir dann och separat. De Jonas an ech probéieren dat dann fir déi Woch vum 18. Abrëll fäerdeg ze hunn.

Party Rent:

Zum Zweck fir e klengen „Amphi“ an der Scheier bei der Paart ze kréieren, wäert de Jonas bei Party Rent nofroen, ob si do eng Solutioun kënnen ubidden.

KLIMATEAM am Asaz um Dag selwer:

Den Thomas huet informéiert, datt d'Klimateam och wäert mussen an den Asaz kommen, fir datt et beim Klimapakt eppes ze huele gëtt.

E Punkt am Katalog ass den "Assises Pacte Climat". Also eng Veranstaltung mam an iwwert de Klimapakt. Do si mir jo schonn um gudde Wee mat eisem Dag am Mee.

Punkt 6.4.1. am Katalog: Do ass d'Iddi fir datt dat all Joer stattfënnt an d'Leit aus der Gemeng sech kënnen iwwert de Stand vum Klimapakt informéieren an och Froen stelle kënnen. D'Resultater vun der Diskussioun géifen dann och public gemaach. (Gemengebuet)
Eng Mail-Adress fir wieder Iddien vun der Bevëlkerung: klimateam@rosportmompach.lu, kéint ageriicht ginn. (digital Abannung vun de Bierger)

Eventuell sollt een och een Aarbechtsgrupp grënnen fir den Event am Mee zu Gonschten vum Klimapakt ze préparéieren. D'Memberen vum Klimateam sollen do och aktiv matwierken.

Grouss Botz

Bis e Mëttwoch hunn sech 33 Leit ugemellt.

Den Luc këmmert sech em de Catering (Fleesch a Brout) an ech mech em d'Gedrénks.

De Samschdeg sinn eng Partie Leit aus der Kommissioun leider net présent. Et wär awer wichteg, wann sech ee Member géif mellen fir virum Départ e puer Wuert un d'Leit ze riichten.

Vläit kann den Dan dat jo maachen, soss awer och gären de Luc. De Luc an den Tom hunn iwwregens och dëst Joer nees eng Partie Weeër préparéiert fir d'Leit. Hinnen dofir lo schon e grouse Merci.

Eis nächst Sëtzung fënnt den Dënschdeg 12. Abrëll Owes um 19 Auer statt. Och dës Sëtzung gëtt, der Einfachheet wéinst, nees iwwer ZOOM gefouert.